N°4138
Entrée le 26.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. Mai 2026

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden.

Dat natierlecht Zeréckkomme vun de Biberen zu Lëtzebuerg, no méi wéi engem Joerhonnert Absence, ass e bemierkenswäerte Succès am Beräich vum Biodiversitéitsschutz. Dës Déieren, richteg Ingenieure vun der Natur, droen aktiv dozou bäi, Fiichtgebidder ze schafen, d'Waasserqualitéit ze verbesseren an Iwwerschwemmunge besser ze reguléieren.

Déi verstäerkte Präsenz vu Biber a Biberdämm (ronn 300 bis haut) huet Auswierkungen op den Alldag vum Mënsch. A gewëssene Fäll féiert se zu Iwwerschwemmunge vu landwirtschaftleche Flächen, Auswierkungen op d'Eisebunnsinfrastruktur oder Konflikter mat Proprietäre vun Terrainen.

Fir d'Zesummeliewen tëscht Mënsch a Biber ze reegelen, gouf am September 2018 en Aktiouns- a Gestiounsplang fir de Biber zu Lëtzebuerg virgestallt.

An deem Kontext géif ech gär follgend Froe stellen:

- Ass d'Regierung der Meenung datt den Aktiouns- a Gestiounsplang fir de Biber zu Lëtzebuerg duer geet, fir de strenge Schutz vun de Bibere mat der Gestioun vun den negativen Auswierkunge fir d'Landwirtschaft, d'Gemengen an d'Infrastrukturen an Aklang ze bréngen?
- Sinn spezifesch Mesurë virgesinn, fir Konflikter am Zesummenhang mat Biberdämm ze antizipéieren an ze limitéieren, besonnesch a sensibele landwirtschaftleche Beräicher? Wa jo, wéi eng?
- Gesäit d'Regierung e verstäerkte Mechanismus fir Entschiedegungen oder den Opkaf vun Terraine vir, fir d'Schafe vun nohaltege Fiichtgebidder ze erliichteren?
- Wéi eng Koordinatioun besteet aktuell tëscht de verschiddenen zoustännegen Administratiounen (ANF, AGE) an aneren Acteuren wéi der CFL an den interkommunal Syndikater? Wéi kéint dës méiglecherweis verbessert ginn?
- Sinn op kuerz Siicht konkret Mesurë virgesinn, fir op problematesch Situatiounen ze reagéieren, notamment a Géigenden ewéi der Mamer?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu